N°63
Entrée le 29.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

De Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff ass zoustänneg fir d'Leit, déi an Untersuchungshaft sinn. Eisen Informatiounen no, si beim Bau vum Uerschterhaff och Büroe fir Untersuchungsriichter virgesi gewiescht. Dës Büroe géifen et erméiglechen, dass d'Untersuchungsriichter d'Leit kéinten op der Plaz gesinn an dass kee Gefaangenentransport méi misst bis bei d'Gerichter organiséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat ginn dës Büroen am Moment genotzt? A wéi ville Fäll hu Riichter dës Büroe genotzt?
2. Wéi eng Deeg si se besat a wéi vill Stonne waren se zënter der Ouverture besat?
3. Wéi vill Arrestantentransporter goufen trotzdeem säit der Fäerdegstellung vum Uerschterhaff tëschent dem Prisong an dem Geriicht organiséiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten